N°4398
Entrée le 07.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 6. Juli 2026

Här Präsident,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung weiderzeleeden.

D'Schafe vun abordabelem Wunnraum ass déi grouss Erausfuerderung an der Wunnengspolitik. Well vill Stéit weiderhi grouss Schwieregkeeten hunn, fir Zougang zu enger bezuelbarer Wunneng ze kréien, sinn alleguer déi ëffentlech Acteuren, ënnert anerem och d'Gemengen, dozou opgeruff, zu enger Erhéijung vun der Offer u bezuelbare Wunnenge bäizedroen.

An dësem Kontext spillen d'Gemengen eng wichteg Roll. Si kënnen ënner anerem nei bezuelbar Wunnenge schafen oder och scho bestoend Wunnengen déi am eegene Patrimoine sinn, engem konventionéierten Acteur am Kader vun der Gestion locative sociale (GLS) zur Verfügung stellen – oder se selwer geréieren. D'Schafen, de Kaf, d'Renovatioun an d'Gestioun vu bezuelbare Wunnenge kann awer eng grouss budgetär Belaaschtung fir d'Gemengen duerstellen, besonnesch fir déi Gemengen, déi just limitéiert finanziell Mëttel zur Verfügung hunn. Dofir wier et wichteg eng besser Kenntnis iwwert d'Verdeelung vun den abordabele Wunnengen am Land ze hunn.

An dësem Kontext géif ech dem Här Minister gär follgend Froe stellen:

- Kann den Här Minister fir déi läscht fënnef Joer opschlësselen, wéi vill abordabel Wunnengen an de jeeweilege Gemenge geschaf gi sinn? Wéi vill Wunnengen hunn d'Gemenge selwer geschaf, lassgeléist vun ëffentleche Promoteuren an de Wunnengen aus dem VEFA-Opkaf-Programm?
- Kann den Här Minister fir all Gemeng präziséieren, wéi vill Wunnengen an de jeeweilege Gemengen iwwert d'Gestion Locative Sociale verlount ginn? Wéi vill Gemenge këmmeren sech hei selwer ëm d'Gestioun vun deene Wunnengen? Wéi vill Gemenge ginn d'Gestioun u konventionéiert Acteure virun?
- Kann den Här Minister eis d'Gesamtunzuel un abordabele Wunnengen, déi an de jeeweilege Gemengen, no de Krittäre vum abordabele Wunnengsbau, verlount ginn opléschten? Kann de Minister eis d'Gesamtunzuel un abordabele Wunnengen hei am Land nennen?
- Ass den Här Minister och der Meenung, dass d'Virfinanzéierung vun abordabele Bauprojeten fir verschidde Gemengen eng grouss finanziell Hürd kann duerstellen? Ginn et Iwwerleeungen an der Regierung d'Aides à la pierre op Basis vun enger Virfinanzéierung de Gemengen ze gutt kommen ze loossen? Ass den Här Minister der Meenung, dass déi finanziell Laascht op de

#ZESUMMEN
Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

Gemengen esou net kéint erofbruecht an esou méi abordabel Wunnenge kéinte geschaf ginn? Am Fall wou den Här Minister dat net esou gesäit, firwat?

- Gesäit d’Regierung weider Hëllefe fir d’Gemenge vir, déi bereet si weider abordabel Wunnengen op hirem Territoire ze schafen?

Mat déiwem Respekt

Ben Streff
Deputéierten



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu